N°2702
Entrée le 31.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.08.2025
Chambre des Députés

FRAKTIOUN CSV

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 30. Juli 2025**

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech dës parlamentaresch Fro un den Här Ëmweltminister weiderzeginn.

D'Planzenaart *Cyperus esculentus*, bekannt als Erdmandelgras, staamt ursprénglech aus Afrika respektiv aus Westasien. D'Onkraut huet sech mëttlerweil och an Europa ausgebreet. An de leschte Joren ass et an e puer europäesche Länner als besonnesch invasiivt an agrarwirtschaftlech problematescht Gewächs erkannt ginn. Dës Aart breet sech haaptsächlech iwwer Knëllercher séier aus a gëllt als resistent géint déi gängeg Bekämpfungsmëttel. D'Bekämpfung ass deier an zäitintensiv, besonnesch wann de Befall net fréi erkannt gëtt. A verschiddenen Nopeschlänner gëtt *Cyperus esculentus* als Gefor fir d'Erträg an d'Biodiversitéit ugesinn. An dësem Kader wollte mir déi follgend Froen un den Här Ëmweltminister stellen:

- Ass d'Aart *Cyperus esculentus* zu Lëtzebuerg schonn offiziell detektéiert ginn?
  - Wa jo, wéini a wou genau?
  - Wa jo, wat fir Schied bei den Erträg oder bei der Biodiversitéit sinn zu Lëtzebuerg bis elo duerch d'Aart dokumentéiert ginn?
- Ginn et national Moossnamen, fir dës invasiv Aart z'identifizéieren, ze kontrolléieren oder ze bekämpfen?
- Sinn Informatiounscampagnë geplangt, fir d'Baueren ze sensibiliséieren?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

**Jeff Boonen, Deputéierten** **Octavie Modert, Deputéiert**